

Käl-Téiteng, den 8. Mee 2019

Pressecommuniqué

Ab dem Méinden 13. Mee wärt hei am Kaldall de Chaos komplett sinn an d'Dp Sektoun Käl-Téiteng muss feststellen:

- eng Vollspärung vun der N33 beim Téitenger Kierfecht während 2 Wochen ass wuel déi drastescht Léisung déi méiglech war fir e Chantier den "dringend" ass séier fäerdeg ze kréien.
- dass d'Ursaach fir déi schnell Aarbechten bis den 29. Mee am Fait läit, dass den 30. Mee eng Vëloscourse (Flèche du Sud) iwwert déi Strooss muss goen.
- dass nom 29. Mee nach bestëmmt während 2 Wochen um Trottoir an un de Bordsténg muss geschafft ginn.
- e grouse Risiko besteet, dass déi Aarbechten och weider a Richtung Zentrum vun Téiteng musse gemaach ginn.
- dass déi "dringend" Aarbechten aus budgetäre Grënn während 6 Méint net gemaach gi sinn.
- dass keng uerdentlech Koordinatioun a Kommunikatioun stattfonnt huet.
- dass der Gemeng knapp 7 Deeg virun Ufank vun den Aarbechten Bescheed gesot ginn ass. Daat an enger Woch wou 1 Feierdag dran läit mat engem potentiellen Bréckendag an esou

praktesch keng Méiglechkeet besteet fir d'Bierger aus der Gemeng korrekt ze informéieren, vun de Frontalieren emol net ze schwätzen.

-dass d'Servicer aus der Gemeng Käl an der Stad Rëmeleng all Hänn voll ze dinn hunn fir Ëmleedungen anzeriichten, Verkéiersreglementer ze formuléieren, asw....

-dass déi eenzeg méiglech Ëmleedung zu Rëmeleng an genee den Chantier féiert den zanter Méint a Richtung Käler Poteau besteet.

-dass sämtlech Niewestroossen zu Rëmeleng, Téiteng a Käl wäerten als alternativ Strecken benotzt ginn.

-dass eis Lycéesschüler all Dag bis Päischten ze spéit an d'Schoul komme wäerten.

-dass dausenden Leit ze spéit op d'Aarbecht komme wäerten.

-dass zu Téiteng dësen Méinden Marquage- Aarbechte gemaach gi sinn wat drop hindeite kéint, dass geschwënn d'Haaptkräizung am Zentrum kéint eng Baustell ginn.

-dass d'Faubourgstrooss muss ganz operappt ginn fir d'Gasuschlëss ze erneieren.

-dass den eenzegen ëffentlechen Transport den hei fir de Källdall promovéiert gët d'Linn 197 ass.

-dass d'Linn 197 am Stau wäert stoen, genee wéi de Rescht vum Verkéier.

-dass d'Linn 197 an der Stad souwisou schonn vun enger Verleeung hannert d'Gare op Bouneweeg betraff ass an de Confort doduerch däitlech erof gaangen ass.

-dass eis Zuchlinn reng no engem Zoufallsprinzip fonctionnéiert. (Nach wärend eisen Verrieder am Gemengerot sech driwwer beschwéiert huet, dass d'Linn ausser Betrib geholl gëtt wann der CFL Maschinisten op enger anerer Linn fehlen ass d'Nouvelle komm, dass genee dat nees eng Kéier geschitt war.)

-dass no dem Chaos vun der läschter Woch wou den Autobunnsechangeur matzen an der Woch erneiert gouf, kloer ginn ass wat d'Konsequenz vun alléng enger (1) Chantiersluut op esou enger Strooss ausléisen kann.

Mär fuerderen vum zoustännegen Minister:

-driwwer nozedenken op déi Urgence fir de Chantier ze maachen iwwerhaupt ginn ass. Wärend Méint ass gewaart ginn, dann missten och nach déi 2 Wochen bis d'Vëloscourse machbar sinn. Dat misst dann och de Gemengen- an staatlechen Servicer genuch Zäit ginn fir d'Awunner an d'Frontalieren ze informéieren fir dass se sech organiséiere kënnen.

-driwwer nozedenken op duerno wierklech keng aner Alternativen zu enger Vollsperrung bestinn.

-angezessinn, dass **fir déi nächst Joëren NËMMEN den Zuch eng Alternativ zum Stroossereseau hei am Källdall ass!**

Här Minister:

D'Linn 197 geet net duer a scho guer net während de verschiddenen Chantieren.

Den Zuch ass déi eenzeg valabel Alternativ!

Mär verlaangen **zanter Joren** eng besser Verbindung op Näerzeng. Zu Näerzeng existéiert en eegene Quai den en Ëmsteigen op Zich a Richtung Stad oder Richtung Esch haut schonn erméiglecht.

Mär verlaange fir d'Awunner vum Kældall:

- Eng Ubannung am ¼ Stonnentakt un d'Hauptstreck zu Näerzeng
- Dass esou eng Verbindung direkt seng Berécksiichtegung fënnt.
- Eng grous Informatiounscampagne fir den Zuch am Kældall
- d'Ariichte vu weideren Arrêten fir den Zuch am Kældall

Här Minister, mär sinn d'accord dat am Moment vill an d'Transportinfrastrukturen investéiert gëtt. Mär mengen awer och, dat nieft dem Invest an d'Baustellen och an Iwwergangsléisungen muss investéiert ginn!

Här Minister wéi där dat läscht Joër hei am Kældall waart hu där eis är Visioun vum Zuchverkéier erkläert. Där hutt hei am Kældall d'Méiglechkeet dem Land ze weisen wéi déi ëmgesat ka ginn.

Parteiwwergräifend ass et de Wonsch den Zuch hei am Kældall auszebauen, mär zielen also alleguerten op iech!

An et ass ganz dringend!

P.S. Mär verweisen op eis Pressecommuniquéen zum gläichen Thema.